# As dat nach eng *méthode corsée* oder schon eng *méthode corse?*

*Déi franséisch Referenzzeitung* **Le Monde** *steet ënner Drock. Zwee Joer hun de Pierre Péan an de Philippe Cohen recherchéiert, ier déi zwee Journalisten d'Resultat vun hirer Enquête op méi wéi 600 Säite présentéiert hun.* **La face cachée du Monde** *heescht d'Buch, an deem si e ganz kritesche Bléck hannert d'Kulissen vun dem Paräisser Blad geheien. A 14 Deeg hu si 295.000 Exempläre verkaaft. Dobäi as keen Zweifel, datt d'Qualitéit vun de Révélatiounen dem Succès an de Librairieë gewuess as.*

Romain Kohn

Am Wanter 1989 hun ech e Stage zu Paräis bei der Unesco gemaach. A wéi et sech gehéiert, sin ech brav all Dag mëttes géint 3 Auer mat dem Lift erof an den Zeitungsbuttték gefuer, fir *Le Monde* ze kafen. Mee d'Liese vun dem Weltblad, wéi gäer gesot gët, huet mir nach laang nët ëmmer Freed gemaach. Virun allem hun ech mech dru gestéiert, datt de Korrespondent an Däitschland méi wéi eng Kéier vu Berlin als "ancienne capitale du Reich" geschriwwen huet. Sou eng Ausdréck sollten eintlech nët an enger Referenzzeitung stoen, hun ech deemols gemengt.

A wéi ech méi spéit am Joer duerch Zoufall d'Geleënheet krut, en Interview mat dem Chefredakter Daniel Vernet ze maachen, hun ech hien duerno, wéi de Mikro aus war, op dëse glungenen Ausdrock ugeschwat. Well séng éischt Äntwert mech nët zefriddegestallt huet, hun ech e puer Mol nogebuert, bis hien zeréckgefrot huet: "An? As et dann nët esou?" Dach, genee esou as et, jiddefalls reng faktesch gekuckt. Mech huet dës Ausso trotzdem zimlech schockéiert.

**An engem enorm schaarfen Toun schéisst d'Zeitung zeréck, andeems si vun enger Kampagne schwätzt a vun Haass als Motiv vun der journalistescher Recherche. Jhust datt Le Monde an der Saach op décisive Ponkten einfach keng Stellung hëlt.**

Mee as dem Daniel Vernet séng Äntwert och schon e Beweis duerfir, datt *Le Monde* e Blad voller Ressentimenter as, wéi ech deemols gemengt hun? Vläicht; vläicht awer och nët. Op d'manst as et en Indiz, datt et hannert däer respektabler Fassad manner nobel zougeet, wéi ee vu bausse kënnt mengen.

Un däer blénkeger Fassad vu *Le Monde* kraatzen zanter der Publikatioun vun hirer Enquête *La face cachée du Monde* de 26. Februar déi zwee Journaliste Pierre Péan a Philippe Cohen. Si reprochéieren däer aktueller Direktioun, datt si zanter 1994 lues a lues déi streng deontologesch Prinzipië vum Grënner Hubert Beuve-Méry iwwer Bord gehäit hätt an déi staark publizistesch Positioun vun der Zeitung fir politesch an ekonomesch Avantagë géif mëssbrauchen.

Dobäi verzielen déi zwee Auteuren e puer Episoden, déi der Réputatioun vu *Le Monde* extrem wéi din. Zum Beispill datt de Chefredakter Edwy Plenel no 1981 esou enk mat dem wichtegste Policebeamten am Land zesummegeschafft hätt, datt dee séng Leit Parallelenquêtë fir de Reporter maache gelooss hätt. De Plenel as ëmmerhin dee Journalist, deen 1985 opgedeckt huet, datt de franséische Staat hannert dem Attentat op d'Greenpeace-Schëff Rainbow Warrior stouch. Oder datt *Le Monde* 1 Milliuoun franséisch Frang vun der Distributiounsfirma Nouvelles messageries de la presse parisienne kasséiert hätt, well si bei der Reejhirung Lobbyaarbecht fir d'NMPP geleescht hätt. Méi problematesch gët et, wou d'Auteuren dem korseschen Direkter vu *Le Monde* wëllen noweisen, datt säi Blad d'korsesch Separatisten géif ënnerstëtze géint de franséischen Zentralstaat. E smoking gun, deen de Jean-Marie Colombani géif iwwerféieren, hu si jiddefalls nët fonnt.

Trotzdeem kann ee behaapten, datt *Le Monde* haart getraff gouf vun dëser publizistescher Attack. An engem enorm schaarfen Toun schéisst d'Zeitung zeréck, andeems si vun enger Kampagne schwätzt a vun Haass als Motiv vun der journalistescher Recherche. Jhust datt *Le Monde* an der Saach op décisive Ponkten einfach keng Stellung hëlt — och no zwou Wochen nach nët. Léiwer weist d'Zeitung den Auteuren zeg Schlampereien no, wéi all déi sëllech Schreiffehler vun den Nimm.

Mee och wann de Lëtzebuerger Ernest Backes am Buch Ernest Blackes vernannt gët, bleift et richteg, datt *Le Monde* séng *Révélation$* iwwert d'Firma Clearstream an Avant-Première wollt ofdrécken, ier d'Redaktioun kal Féiss krut. All déi vill Schlampereien an och deen onnéideg aggressiven Toun vum Buch hätt e gudd Lektorat kënnen ausbesseren, mee e Lektorat gouf et leider nët.




De Projet war esou geheim, datt d'Buch a Spuenien an nët a Frankräich gedréckt gouf, a bis zu gudder Lescht wousst och kee Mënsch, a wat fir engem Verlag d'Enquête géif erauskommen. Souwisou waren et bis de leschten Hiescht zwee verschidde Projetën, an eréischt dunn huet den Editeur Claude Durand déi zwee Auteuren op d'Iddi bruecht, hir getrennt Recherchen an ee Manuskript ze kleeden. Dat mierkt een och beim Liese vu *La face cachée du Monde*.

Et as, wéi wann et zwee Bicher wäeren: eent dat sech mat *Le Monde* sénger Ambitioun beschäftegt, eng politesch an ekonomesch Kraaft a Frankräich ze gin, an en zweet, dat bedauert, datt *Le Monde* nët méi as, wat e war, wéi den Hubert Beuve-Méry d'Zeitung 1944 gegrënnt huet. Et kann ee sech effektiv froen, wat der Grande-Duchesse Maria Teresa hiert soi-disant Hannergronngespréich mat der Lëtzebuerger Presse iwwert hiert Privatliewen op der éischter Säit vu *Le Monde* ze sichen huet. Mee dat as niewesächlech par rapport zu der Fro, op d'Zeitung publizisteschen an aneren Drock op deen heitege Grupp Vivendi Universal gemaach huet, fir datt deem säi President Jean-Marie Messier hier säi Magazin *L'Express* verkeeft.

Am Finanzministère zu Lëtzebuerg haten d'Fonctionnairen an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier d'Gefill, datt *Le Monde* sech vum franséischen Ausseministère instrumentaliséiere gelooss huet, fir op d'Finanzplaatz ze schéissen. A wat *Le Monde* iwwert Clearstream geschriwwen huet, wäert och nët an d'Annale vum investigative Journalismus agoen — Stamminetsgespréich, méi nët.

Deen een oder anere Lieser wäert séng journalistesch Bibel an Zukunft ganz bestëmmt mat aneren Aen duerchbliederen. Esou schappeg wéi sech d'Zeitung bis ewell géint d'Kritik vum Pierre Péan an dem Philippe Cohen gewiert huet, entzaubert *Le Monde* sech selwer; well d'Buch huet ouni Zweifel ganz grouss Schwächten, virun allem deen onnéideg schaarfen Toun.

Mee de Jean-Marie Colombani as nët manner brutal an entlarvt sech domadder definitiv. "Et muss ee séng Säit wielen", soll hien iwwert d'Buch gesot hun. "Et as een derfir oder dergéint. Mee ech wäert nët zouloossen, datt een neutral as." Pas mal fir den Direkter vun enger Zeitung, déi eng Referenz wëllt sin...

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 12. Mäerz 2003)*

PS: Dem Chefredakter Edwy Plenel séng Riposte "'Le Monde' est-il un danger pour la démocratie?" stoung de selwechten Dag an der Zeitung, wéi *La face cachée du Monde* an déi franséisch Librairieë koum, nämlech de 26. Februar (*www.lemonde.fr/article/0,5987,3236--310604,00.html*). Déi zweet grouss Verteidegungsschrëft ("'Le Monde' oppose les faits aux accusations calomnieuses") as eng gudd Woch duerno publizéiert gin (*www.lemonde.fr/article/0,5987,3236--311872-,00.html*). Op dëser Säit fënnt ee weider Artikelen zum Thema.

Op séngem Internet-Site (*www.plantu.net*) huet de Karikaturist Jean Plantu sech op séng Manéier iwwert d'Aart a Weis, wéi *Le Monde* sech géint de Pierre Péan an de Philippe Cohen wiert, mockéiert. De Jean-Marie Colombai war nët *amused*. (D'Zeechnung as an der Tëscht nët méi op dem Site ze gesin.)

**Deen een oder anere Lieser wäert séng journalistesch Bibel an Zukunft ganz bestëmmt mat aneren Aen duerchbliederen. Esou schappeg wéi sech d'Zeitung bis ewell géint d'Kritik vum Pierre Péan an dem Philippe Cohen gewiert huet, entzaubert Le Monde sech selwer.**